

Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5.1888 – Projet de loi portant création d'un établissement public nommé « Casino Luxembourg – Forum d'art contemporain » et portant modification de :

1^o la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

2^o la loi modifiée du 4 mars 1982 a) portant création d'un Fonds culturel national ; b) modifiant et complétant les dispositions fiscales tendant à promouvoir le mécénat et la philanthropie

8189 – Projet de loi portant création d'un établissement public nommé « Musée d'art moderne Grand-Duc Jean »

8190 – Projet de loi portant création d'un établissement public nommé « Espace culturel des Rotondes »

8191 – Projet de loi portant création d'un établissement public nommé « Théâtre national du Luxembourg »

8192 – Projet de loi portant création d'un établissement public nommé « TROIS C-L – Maison pour la Danse »

Beim leschte Punkt vum Ordre du jour vum haut geet et ëm d'Projets de loi 8188, 8189, 8190, 8191 an 8192 iwwert d'Schafung vun enger Rei vun Établissements publics. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert kritt elo direkt d'Madamm Rapportrice vun dëse Projet-de-loien an dat ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

Rapports de la Commission de la Culture

Mme Djuna Bernard (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. An de kommende Minutte stellen ech Iech fënnef Kulturinstitutione vir, déi jeeeweils de Statut vum Établissement public solle kréien. Sou géife se zu enger Personne morale de droit public ginn an duerch hiert jeeweilegt Gesetz ginn hiren Objet, hir Missioun, hiert Fonctionnement, de Siège an natierlech och de Ministère de tutelle fixéiert an dat ass natierlech an dësem Fall de Kulturministère.

Dir Dammen an Dir Hären, ech stellen Iech elo mol déi fënnef Kulturinstitutione kuerz vir. Ech ginn dervunner aus, dass mer se alleguerter scho besicht hunn, a falls ee vun Iech dat nach net sollt gemaach hunn, da géif ech Iech dat natierlech wäermstens recommandéieren.

Ech fänken u mam Casino Luxembourg – Forum d'art contemporain. De Casino, dee sech hei an der Stad befënnt, huet näischt mat engem Spillcasino ze dinn. Den Numm geet zrëck op eng Zäit, wou een d'Rencontre an den Echange mam Begrëff „Casino“ associéiert huet, an dat géllt och an dësem Fall nach haut fir eise Casino. Et ass eng Plaz fir all Forme vun zäitgenëssescher Konscht, mee virun allem, fir sech do ronderëm ze begéinen, fir sech auszetauschen – e richteg „Forum“ also. 2021 koum de Casino Display derbäi, eng Plaz, wou d'Konschtvermittlung hir Plaz hat, an doduerjer e Raum fir d'Recherche a fir d'Experimentation genauso wéi eng Résidence d'artistes. Haut stellt de Casino op nationalem wéi op internationalem Plang eng Referenz duer an huet eng Ekip vu 15,25 ETP an e järeliche Budget vu bal 2,7 Milliounen.

Déi nächst Institution ass de Musée d'art moderne Grand-Duc Jean, kuerz de Mudam. D'Iddi ronderëm d'Schafe vun enger international rayonnéierter Konschtinstitution geet zrëck an d'90er-Joren. 1998 huet déi deemoleg Regierung d'Fondation Musée d'art moderne Grand-Duc Jean gegrënnt, déi de Bau an d'Konzeption vum neie Musée verantwort huet. Dat bekannt Gebai vum Architekt Ieoh Ming Pei ass entre-temps aus dem Landschaftsbild vum Kierchbierg a vun der ganzer Stad net ewechzedenden an de Mudam assuréiert haut eng enorm wichteg national Missioun fir d'Kollektioun, d'Konservatioun an d'Presentatioun vun zäitgenëssescher Konscht, déi, wéi gesot, an d'ganz Welt ausstraalt.

Vum Kierchbierg eriwuer an de Bouneweg-Garer Quartier, wou d'Rotonden direkt nieft de Schinnen zu engem kulturellen, mee virun allem och zu engem soziale Mëttelpunkt gi sinn. Nom Succès vum Kulturjoer 2007 hunn de Kulturministère an d'Stad Lëtzebuerg zesumme gekuckt, fir d'Aktivitéiten an d'Dynamik vum Kulturjoer ze perenniséieren. Während d'Rotonden zu Bouneweg a Stand gesat goufen, huet de CarréRotondes an der Rue de l'Acierie en interessante Provisorium erschloss, deen awer dunn 2015 mat der Aweigung vun der Rotonde 1 eriwergoung. Saitdem gëtt et hei nieft der renovéierter an natierlech denkmalsgeschützter Rotonde 1 e flotte Parvis, eng Container- an eng Holzstruktur. D'Rotonde 2 ass nach an hirem Originalzoustand, mee hei wäert deemnächst e Chantier ufänken, fir dës Rotonde och nach ganz bespillen ze kënnen. D'Rotondë sinn e Lieu de création et d'innovation, wou nei Kënschtler/innen a Konschtrichtungen zesumme mat engem breede Public hir Plaz sollen hunn.

Ech kommen dann elo eriwuer bei den Théâtre national du Luxembourg, kuerz den TNL. Och hei huet d'Kulturhauptstad vun 1995 hir Spueren hannerlooss, an dat maassgeblech bei de Kulturschafenden aus der Theaterzeen, déi doropshin eng ASBL gegrënnt hunn, fir den Arts du spectacle zu Lëtzebuerg eng fest Adress an Ulafstell ze ginn. Mat der fréierer Forge an der Lonkecher Strooss huet de Staat 2001 eng ideal Plaz kaaft, an där bis haut ëm déi 375 Spektakele konnte stattfannen. Och vernetzt den TNL a säin Ekosystem Acteuren aus der Kulturwelt iwwert d'national Grenzen eraus. Haut ass den TNL nieft de stäteschen Theateren, de regionale Kulturzentren an den onofhängegen Theateren en nationale Piliere an der Theaterwelt, dee ronderëm seng lokal Kreatiounen, seng international Koproduktiounen, Nowuessförderung a Kulturaktiounen definitiv e Service vun nationaler Relevanz ubitt.

Last but not least den TROIS C-L, an dee befënnt sech an der Bananefabrik. 1994 hëlt de Kulturministère d'Initiativ, fir eng Association „Théâtre dansé et muet“ unzestiwelen, déi d'choreografiéiert Konscht zu Lëtzebuerg soll promouvieren. D'Entwécklung huet hire Wee geholl a säit 2004 kenne mer den Numm „TROIS C-L“, dee sech zënterhier ëmmer weider professionaliséiert huet a mat der Bananefabrik zu Bouneweg och eng Struktur fonnt huet, an där geschafft, geprouft an opgefouert ka ginn. D'Dynamik vum Danzsecteur zu Lëtzebuerg schwätzt Bänn an op ganz villen auslännesche Büne sinn ons Dänzer a Choreografe present. De Besoin fir eng méi grouss Struktur gëtt ëmmer méi däitlech an et steet eng Perspektiv am Raum: déi vum Développement vun enger Maison de la Danse fir all Danzformen an Expressiounen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et kann ee sech d'Fro stellen: Wéi sou en Établissement public? An dofir gëtt et direkt e puer Argumenter: Bis op den Théâtre national du Luxembourg sinn alleguerter d'Institutionen d'Suite vun enger staatlecher Demande respektiv enger Initiativ. Se si maassgeblech impaktéiert gi vun den zwee Kulturjoren 1995 an 2007, déi ganz sécher en enormen Elan an d'Schafung vu kulturelle Lieue respektiv Institutione mat sech bruecht hunn. Alle fënnef Institutionen erfëllen haut schon de Charakter vun engem Service public an hir Aktivitéiten an Offere riichte sech un eng breet Effentlechkeet. Bei sämtlechen Institutionen ass och haut schon de Staat mat verschiddene Verrieder am Conseil d'administration vertruuden.

An och a puncto Finanzement kënn d'Majoritéit vun de finanzielle Mëttelen aus staatlecher Hand. Heizou huet och d'Cour des comptes schon an hirem Rapport vun 2008 eng ganz däitlech Recommendation fir d'Émwendung vu bisheerige parastaatlechen ASBLen an Établissement-publicken ausgeschwat. Mat der Struktur vum Établissement public kann nämlech och de Rechnungshaff d'Strukturen an Zukunft reegelméisseg kontrolléieren.

Net zulescht bekennt sech de Staat mat dëse Gesetzzer zur Wichtigkeet an der Positioun vun de fënnef Institutionen fir eist Land. Si ginn an engem Gesetz verankert, d'Gestioun an d'Gouvernance gi weider professionaliséiert an d'Missioun vum Service public gëtt ënnerstrach.

All Établissement public huet, wéi d'Kadergesetz dat virgesäit, e Conseil d'administration, deen aus staatleche Verrieder/innen zesummegeest gëtt. Just am Fall vun de Rotonden handelt et sech ausserdeem och ëm Verrieder/innen vun der Stad Lëtzebuerg.

De Kulturministère huet déi fënnef Avant-projet-de-loien den 30. Mäerz 2023 deposéiert. Mir hu se schon, a weiser Voraussicht, de 16. Mäerz virgestallt kritt a mir kruten d'Avis vum Staatsrot de 6. Juni 2023. D'Chambre de Commerce huet hir Avisen de 16. Mee eragereecht, wou se eng Rei vu punktuellen Froen a Remarken zur Organisatioun zum Ausdrock bruecht huet, awer d'Projete soss guttgeheesch huet. Den 22. Juni hu mer d'Avis vum Staatsrot diskutéiert an hei kann ech och rapportéieren, dass keen Oppositions formelles dra waren, de Staatsrot just beim Projet zu de Rotonden eng punktuell Remark zur Organisatioun vum Conseil d'administration hat, där d'Kommissioun Rechnung gedroen huet. Mir hunn d'Rapporte vun de Gesetzzer de 27. Juni 2023 an der Kommissioun uegoholl.

Här President, mam Vott vun de fënnef Gesetzestexten wäert sech am Alldag vun de Visiteuren, dem Personal, der Gesellschaft vis-à-vis vun de fënnef Kulturinstitutionen eigentlech net ganz vill änneren. D'Émwendung an en Établissement public ass eng logesch Suite

am Werdegang vun dëse Strukturen an en ligne mat hirer nationaler kulturpolitescher Missioun. Gläichzäitg dierf een d'Symbolik an d'Wichtigkeet heivun net ënnerschätzen. Mir verankeren den TROIS C-L, den Théâtre national, de Mudam, de Casino an d'Rotonden am Gesetz. Mir perenniséiere se a bekennen eis als Staat an als Gesellschaft zur Wichtigkeet vun dëse Kulturinstitutionen.

Här President, well dëst déi lescht Ried fir dës Legislaturperiod an der Kultur wäert sinn, erlaben ech mer, ganz kuerz Merci ze soen un de Kultursecteur, deen ech an de leschte fënnf Joer vun enger anerer Säit dierft kenne léieren an dee sech an de leschte fënnf Joer a villen Hisiichten nei erfondt a weiderentwéckelt huet, un de Kulturministère mat sengen devouéierte Beamten an natierlech och un d'Madamm Closener an den Här Louis, déi d'Sekretariat vun der Kulturkommission wunnerbar assuréiert hunn, den Här Ben Zenger aus der grénger Fraktioun, u meng Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kulturkommission, déi d'Presidence vun enger jonker an onerfuerener Kommissionspresidentin ëmmer ganz agreabel, léierräich a kolleegial gestalt hunn.

Une voix | Très bien!

Mme Djuna Bernard (déi gréng), rapportrice | An net zulescht un d'Ministesch Sam Tanson. Sou hu mer de Moien op de Kulturassisen héieren, dass si mat grousssem perséinlechen Asaz d'Kulturpolitik zu Lëtzebuerg weiderbruecht huet an dobäi och ëmmer present an der Chamberskommission war.

Ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun fir déi fënnf Projet-de-loien an soen Iech alleguerter Merci fir d'Nolauschten.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Djuna Bernard.

An éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Octavie Modert. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Octavie Modert (CSV) | Merci, Här President. Ech wëll gläich do uschléissen, wou eis Rapporterin a Presidentin Djuna Bernard opgehale huet, a mech hire villen a richtege Mercien uschléissen un all déi Leit, déi an eiser Kommission matgeschafft hunn a fir eis Kommission geschafft hunn. An Iech, Madamm Presidentin, och merci fir déi Aart a Weis, wéi Dir présidéiert hutt. An natierlech och merci haut fir déi fënnf Rapporten oder fir déi Rapporten zu de fënnf Gesetzer, déi Dir gemaach hutt.

D'Kultur ass extrem wichtig, si gëtt net ëmmer genuch wouergeholl, si dierf och net nom Covid net méi bemierkt ginn. An dofir ass et och ëmmer erëm wichtig, datt mer vill an der Kommission zesumme schaffen an datt mer dat och heiansdo hei op der Tribün maache kënnen. Merci nach eng Kéier fir Äre Rapport, merci Iech alleguer (ndlr: op der Tribün) an Iech alleguer (ndlr: op der Majoritéitsäit). An der Madamm Minister souwisou, déi war an all deene Mercie mat dran.

D'Kultur dréit individuell zu Perséinlechkeetsentwécklung an -opbau bäi, bewosst oder onbewosst. A Wäerter, Normen an Identitéitsbildung gi kollektiv och staark duerch d'Kultur beaflosst. D'Kulturvermittlung a kulturell Bildung sinn also och e Stéck effentlechen Optrag, deen eng Missioun ass vun de Kulturhaiser niewent hirer wichteger Missioun vu Promotioun a Weiderentwécklung vun de künstleresch Schaffen den.

Déi fënnf Kulturhaiser, ëm déi et haut geet, déi hunn ëmmer schonn dës Missiounen erfëllt an et sinn alles

méi wéi confirméiert Kulturinstitutionen. Hir Ëmwandlung vun ASBL zu Établissement public ass dofir net vu Muttwëll, louch och alt schonn emol an der Loft viru Joren. Datt et net éischter dozou komm ass, hat ënnerschiddlech Ursachen. Haut ass et de Fall an et passt bei déi Haiser, sachant allerdéngs, datt de Mudam schonn eng Stéftung war, déi Fro stellt sech hei also e bëssen anescht.

De Casino – Forum d'art contemporain an der Ënneschtgaass hat mat als éischte schonn, an endlech, Lëtzebuerg op déi international an natierlech national zäitgenëssesch Konschtkart gesat. En huet och mat der „Lady Rosa“ eng éischt wichteg, deels hefteg Ausernanerung zu Lëtzebuerg mat der zäitgenëssescher Kreatioun bruecht. Et war fréier an der Ried, en als Établissement public anzesetzen, zwëschenuewer war de Casino awer frou mat sengem bestoenden, méi kleng Kommittee. D'Zesummefféierung an eng Hand mam Mudam ass och ëmmer erëm nees opgeworf ginn, war awer keng gutt Iddi; déi zwee Haiser sinn dofir ze ënnerschiddlech. En huet leschtens – an dat huet d'Rapporterin och scho gesot – de „Beim Engel“ derbäikritt, fir als Casino Display ze geréieren. Wéi, Madamm Minister, geet et do virun an Zukunft? Net weinst dem neie Gesetz, mee mat de Projeten, déi do kommen, a mat der Öffnung och no baussen?

En zweet Etablissement, dat hei viséiert ass, ass de Mudam. Deen huet Lëtzebuerg definitiv op Weltniveau gehuewen an der zäitgenëssescher Konscht a Kreatioun an op där Weltkaart verankert. D'Promotioun fir d'Lëtzebuurger visuell Artiste war dem Mudam vun Ufank un ëmmer scho wichteg. Rivalitéiten am Verwaltungsrout, fälschlecherweis, hu bestanen, wat seng Ausrichtung ugaang ass, mee ech ka mer keng aner virstelle fir de Mudam an et huet kee Wäert, datt mir iergendeng Auer wëllen zréckdréien an op modern Konscht géife kommen, wou mir net matgespillt hunn an der Zäit, mee mer kënnen bei der zäitgenëssescher Konscht a Kreatioun matspillen. Do si mer derbäi an dat solle mer och ervirhiewen.

Elo gëtt de Mudam vun enger Fondatioun, vun enger Stéftung, zu engem Établissement public. Dat wäert am prakteschen Alldagsbetrib allerdéngs wuel net ganz vill änneren, well esou ënnerschiddlech ass deen Deel dovunner elo net. Aner Punkte sinn dovun vläicht minimal méi betraff.

En drëtt Gesetz betrëfft d'Rotonden. Ech mengen, un hir Ankerroll am Kulturjoer 2007 kënnen mir eis nach alleguer erënneren, mat ënner anerem grouse Landesausstellungen wéi d'Sophie Calle, mat der Triennale Jeune Création, mat de Congés annulés, déi et nach ëmmer gëtt. An datt d'Rotonden iwwer 2007 eraus weiderbestoe sollten, ech mengen, dat war evident. Dat hunn ech mam Colette Flesch als Stater Kulturschafften am Summer 2007 op der Terrass vum Exit07 uitgemaach, zwëschen Staat a Stad, zwëschen Kulturministère a Stad Lëtzebuerg. De Carré Rotondes als Prefiguratiouns-ASBL ass doraus ervirgaangen, et konnt nëmmen eng ASBL also sinn. 2015 ass et zréckgaangen an d'Rotonden, virdru konnt et keen Établissement public ginn.

Hir Akzenter, mengen ech, si ganz wichteg gewiescht an hunn e Stéck zougemaach, wat nach geféelt huet hei, mat Activités éducatives, enger pedagogescher Programmation mat engem Akzent op jonkem Publikum, op neie kulturelle Expressiounen an insolittem Programméierung. 2015 ass et also an déi éischt Rotonde zréckgaangen. Wéi ass elo d'Zukunft vun der zweeter Rotonde? Mat hirer Rehabilitéierung ausgangs 2021 sollt en Avant-projet sommaire do sinn. D'Madamm Minister kann eis bestëmmt soen, wéi et elo doranner steet a wéi a wéini et mat der zweeter Rotonde virueget.

E véiert Etablissement ass den TROIS C-L, deen 2003 oder 2004 staatlech initiiert ginn ass, elo consolidéiert gëtt. An dat ass déi Referenzplaz fir zäitgenësseschen Danz a Choreografie hei am Land. Et ass e kulturellen Hub mat Residenzen an engem ganz groussen internationalen Netzwierk, wou en extrem, extrem vill gemaach huet fir d'Inklusioun an d'Promotioun vun der hiseger Zee. 2011 ass d'Banannefabrik, dem TROIS C-L an dem CPCA säin Doheem, fäerdeg renovéiert an ageweit ginn, mat den Acteuren, dem Claude Wiseler als Bauteschafften a mir selber.

De leschten Etablissement, deen hei viséiert ass, dat ass den TNL, den Théâtre national du Luxembourg. Et ass sécher dee Projet haut mat manner staatlecher Initiatioun, mee mat villen engagierten Theatermachere, déi dat op d'Bee wollte setzen. Hei ass extrem vill Pionéieraarbecht gemaach gi fir eng nei Programméierung niewent den zwee grouse stäteschen Theateren, déi et natierlech virdru scho gi sinn. En huet ganz vill Lëtzebuurger Schauspiller mat der internationaler Zee verbonnen a vernetzt, huet mat eegenen Inzenéierungen erausgestach wéi 2004 seng Eegekreation vun „Hamlet“. An och hei gëtt elo aus enger ASBL, wou et vläicht nach méi evident war, datt et am Ufank eng ASBL war, en Établissement public.

(M. Marc Spautz prend la présidence.)

Net all Haus kann oder wëll an en effentlecht respektiv parastaatlecht Organ ëmgewandelt ginn. Pragmatismus bei der Grënnung, net staatleche Betrib an Optrag, statutaresch Flexibilitéit, d'Gréisst vun der Associatioun, Marché-publics-Gesetzgebung an esou weider kënnen do Grënn sinn. Déi fënnf Haiser, vun deene mer haut hei schwätzen an iwwert déi mer haut entscheeden, déi kréien elo als Établissement public eng legal Assise an do ass och en Deel aner Reegelen ze bedenken. Déi Gestiou an Organisatioun ass och an de Kulturbetriben wichteg, a wichteg ass ganz besonnesch, datt si kënschtlersch Fräiheet an hirem Schaffen hunn a behalen.

Elo kann ee sech natierlech froen: Wéi eng Krittäre sinn do, fir aus enger ASBL en Établissement public ze maachen? D'Rapporterin huet der opgezielt gehat – et stinn der och dräi jeeweils am Exposé des motifs –, mee wéi eng iwwert déi dräi eraus zielen, fir eventuell zukünfteg Associatiounen oder Organismen dann och als ASBL eriwuer an en eventuelle Statutt vun Établissement public ze féieren? Oder aneschtens ausgedréckt: Gesitt Dir nach aner Haiser, déi do eng Kéier kéinten an der Rei stoen, Madamm Minister, oder ass et dat hei, bei deem et bleift?

Et kann ee sech natierlech och froen, ob et net nach aner Formen gëtt wéi Établissement-publichen oder awer ASBLen, och wa mer gëschter dat neit Gesetz hate vun ASBLen a Stéftungen. Et gëtt a Frankräich EPICen (ndlr: Établissements publics à caractère industriel et commercial); dat ass natierlech och en Établissement public, awer e bëssen aner Formen. Et gëtt och GIEen; firwat net GICen als Groupements d'intérêt culturel? Wären dat Saachen, déi besser ugepasst wäeren? Dat ass vläicht och eng Kéier eng Iwwerleeung wäert, eventuell.

Als Konklusioun wëll ech soen, datt effentlech Haiser, déi Établissement-publicke sinn, effentlech-rechtlech Haiser, an der Kultur och als Missioun hunn, niewent deenen, déi ech scho genannt hunn, hir staatlech Dotatioun zum Deel ëmzverdeelen hin zu den Artisten an deenen hir Liewensgrundlag se stäerken. D'Positioun vun de Künstler a Kulturschaffenden ze festegen, ass domadder och eng ganz, ganz wichteg Aufgab, fir si ze féieren. Hir Promotioun am In- an Ausland ze maachen, gehéiert selbstverständlech do derzou.

Et ass net, datt, wann een en Établissement public géif ginn, een domat e Selbstzweck erfüllt hätt, dat ass ganz kloer. Dat ass och net dat, wat si wëllen hunn a wëlle maachen, do kënnen mer sécher sinn. Dat dierf et och net sinn. An dofir hunn ech grousst Vertrauen doranner, datt, ob an där aler oder där neier Form, déi Haiser, ëm déi et haut geet, hir wichteg Roll an der Kulturzeen zu Lëtzebuerg weider wäerte spillen. Si sinn elo selwer gefestegt ginn, si wäerten och d'Positioun vun de Künstler a Kulturschaffende weider festegen.

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci der Madamm Modert. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, et ass un Iech.

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Virop wollt ech der Rapportrice Merci soe fir hiren ausféierleche Bericht zu deene fënnf Gesetzesprojeten, déi haut um Ordre du jour stinn. Jo, et geet ëmmer ëm déi selwecht Saach. Mir kommen e bëssen, hunn ech zu der Madamm Asselborn-Bintz gesot, an de Widderhuelungsmodus. Jo, d'Schafe vun engem Établissement public fir fënnf scho méi laang bestoend Kulturhaiser an Institutiounen ass haut de Sujet.

Mir als Demokratesch Partei begrëssen dat. Mir begrëssen, datt et mat dësem Projet – oder mat dëse Projeten – eng eenheetlech juristesche Form fir de Casino, den Nationalen Theater vu Lëtzebuerg, de Mudam, d'Haus vum Danz an de Carré Rotondes gëtt. Mir sinn der Meinung, dass dëse gesetzleche Kader net nëmme méi zäitgeméis ass, ma och eng kloer Struktur an och eventuell méi Transparenz mat sech bréngt. Dat alles war bis elo net esou ganz kohärent, dat duerch d'Tatsaach, datt mer et zum Beispill mat dem Statutt vun enger ASBL oder enger Fondation ze dinn haten, jee no Haus. Dës Haiser an Institutiounen ginn all vum Staat – dat ass elo virdru och schonn e puermol gesot ginn – subventionéiert, also mat öffentleche Gelder majoritär bezuelt, an esou hu se an Zukunft mat dëse Projet-de-loien alleguer déi selwecht juristesche Basis.

D'Cour des comptes, de Rechnungshaff, ass der Meinung, datt dës Ännerung fir d'Transparenz vun de Finanzen sënnvoll, jo, noutwendeg ass. Sou schreift d'Cour des comptes an hirem Bericht aus dem Joer 2008, datt ASBL wéi de Casino an de Carré Rotondes d'Rechtsform vun enger öffentlecher Institution solle kréien – natierlech mat der néideger Flexibilität, fir d'Erwaardungen vum jeeweilege Public ze erfëllen.

Här President, loosst mech ganz kuerz op déi eenzel Haiser agoen, fir dës Argumenter, déi fir dës Émwendung an öffentleche Institutiounen schwätzen, ze belichten. Wat d'Rotondé betrëfft, kann een umierken, datt een Drëttel vun hirer Dotatioun vun der Stad Lëtzebuerg kënnt, de Rescht kënnt vum Staat. Och déi aner ginn, wéi scho gesot, majoritär vum Staat finanziert. Huele mer nach eventuell d'Beispill vum Mudam. Als Fondation ass de Mudam ëmmer, dat ass och an der Kommissioun ënnerstrach ginn, als eng Aart Privat-institution gekuckt ginn, déi en awer a Wirklecheit net war an net ass. De Mudam ass eng Institution, déi eebe vum Staat finanziert gëtt. Dat dierf also mat dësem entsprecheende gesetzleche Kader méi kloer ginn.

Jo, och d'Haus vum Danz ass scho jorelaang en Thema, dat manner weinst der juristescher Struktur, mee éischer well déi bestoend Raimleckeete bis haut de Bedürfnissen vun dëser Konscht net ugepasst sinn. D'Aarbechte fir d'Schafe vun neie Säll sinn zwar amgaangen, ma et huet een awer dacks aus der Zeen eng gewëss Ongedold matgedeelt kritt. Mir erwaarden eis jiddefalls, dass der Danzzeen hei zu Lëtze-

buerg infrastrukturell ka gehollef ginn. En neit Gesetz, en neie gesetzleche Kader ass gutt, ma et muss sech natierlech och eppes um Terrain konkret doen. Mir sinn awer zouversichtlech, datt sech do eppes ka verbesseren.

Léif alleguer, Dir frot Iech och bestëmmt, firwat en eenzelt Gesetz fir all eenzelt Etablissement noutwendeg ass. Et ass effektiv besser, datt all Haus, all Institut, säin eegent – säi spezifesch – Gesetz huet, fir eeben och eng kloer Visibilitéit no baussen ze hunn. Sollten eventuell och zousätzlech Missiounen fir en Institut derbäikommen, da kann een direkt an dat spezifesch Gesetz eragoen an eeben dorunner eppes änneren.

Och am Kulturentwécklungsplang 2018–2028 steet an der Recommandatioun – ech mengen, et ass d'Recommandatioun Nummer 12 –, et sollt een iwwerleeën, d'Rechtsformen an d'Funktioen vun den institutionelle Kulturorganisatiounen ze iwwerdenken. Sou gesäit de KEP vir, datt Haiser an Institutiounen, déi souwiso schonn öffentlech Missiounen iwwerhuelen, zu engem groussen Deel net nëmmen en nationalen, ma och en internationale Public unzéien, och de juristesche Kader eebe vun enger öffentlecher Institution solle kréien.

Doriwwer eraus ass et jo sou, datt all fënnf Haiser elo scho jorelaang zu engem groussen Deel vum Staat finanziert ginn, an dofir gesäit d'DP de Sënn fir dës Ännerung an domadder de gesetzleche Kader op alle Fall an. Well och schonn haut an de jeeweilege Verwaltungsreicht Membere vum Staat vertruede sinn, versteet een also duerch de Besoin, fir aus de Kulturhaiser Etablissements publics ze maachen.

Domat wier vum eiser Säit alles gesot an dofir ginn ech dann och direkt den Accord vun eiser Fraktioun zu dëse fënnf Gesetzestexten. Der jonker Presidentin vun der Kulturkommissioun, déi dat fënnf Joer laang gutt a mat vill Gentillesse gemaacht huet, wollt ech nach eng Kéier en extrae Merci soen an da soen ech och Iech Merci fir d'Nolauschteren a fir d'Opmierksamkeet.

Une voix | Très bien!

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci dem honorabelen Här Bauler. Déi nächst ageschriwwene Riednerin ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Wannechgelift.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleginnen, Kultur ass e wichtige Bestandteil vun enger demokratescher a pluralistescher Gesellschaft. Si dréit weesentlech zur Meinungsfreiheet an doriwwer eraus zum intellektuelle Räichtum vun eisem Land bäi. Dir Dammen an Dir Hären, dës hunn ech schonn op anere Plaze méi dacks gesot an ech fannen et och wichteg, dat ëmmer erëm ze widderhuelen; dat ass net nëmmen en eidele Saz, mee dat ass fir mech eng ganz wichteg Ausso: Ouni Konscht a Kultur si mer en aarmt Land! An ech mengen, dat kann heibanne jiddweree mat ënnerschreien. An eis Kulturinstitutionen gehéieren ouni Zweifel och do derzou!

An deene fënnf Projet-de-loien, déi mer dann elo hei virleien hunn, schwätze mer iwwer fënnf Kulturinstitutionen, déi u sech net méi aus eiser kultureller Landschaft ewechzedden sinn: de Casino, de Mudam, d'Rotonden, den Théâtre national an den TROIS C-L.

Andeems dës fënnf Institutiounen en Établissement public ginn, kréie se domat eng stabill gesetzlech Grondlag, eng eege Personalitéit... – sou, lo schwätzen ech e bësse méi lues, dann tuddelen ech och net –, ...

(Interruptions)

... eng eege Personalitéit juridique, eng Professionaliséierung an och eng méi effikass Gestiou, ënnerstëtzt vun enger staatlecher finanzieller Participatioun.

Dës Changement hin zu engem Établissement public schreift sech an d'Beméiungen vun deene leschte Joren an, de Kultursecteur ze professionaliséieren. De Statutt vun engem Établissement public festegt och nach eng Kéier déi artistesch a kulturell Onofhängegkeet vun de jeeweilege Kulturinstitutionen.

Als LSAP ass et an dësem Kontext och wichteg, dass de Conseil d'administration équilibréiert zesummege-sat ass. Et ergëtt sech vum selwen, dass Vertrieeder a Vertrieederinnen aus dem Ministère am Conseil sinn. Gradesou selbstverständlech ass et an eisen Aen awer och, dass Persounen aus der Kulturzeen am Conseil erëmzefanne sinn.

Vu dass vun elo u Schwaarz op Wäiss festgehalten ass, dass d'Vertrieeder a Vertrieederinnen vun dem Ministère vun hirer Funktioun am Staatsdëngscht net de jeeweilegen Établissement public kontrolléieren oder Paiementer en faveur vum Etablissement accordéieren dierfen, dierf de Risk vun der staatlecher Surveillance aus dem Wee geraumt sinn.

Och elo schonns hunn déi concernéiert Kulturinstitutionen alleguer Missiounen an Aktivitéiten erfëllt, déi ganz no un engem Service public stoungen. An deem Kontext muss een natierlech och an der nächster Legislaturperiod kucken, ob et net nach aner kulturell Acteure gëtt, déi eng wichteg Missioun um nationale Plang erfëllen an dëser Missioun eventuell och nach besser kéinten nokommen, wa se dann eeben en Établissement public wäeren. Ech denken do beispillsweis um de Centre national fir Industriekultur, awer net nëmmen deen; et gëtt sécherlech nach aner.

Dës Gesetzter sinn dann awer och eng Suite vun der Recommandatioun Nummer 12 vum Kulturentwécklungsplang, wou mer jo de Moie vun der Kulturministesch zu Iechternach e ganz interessante Bilan virgestallt kritt hunn. Wéi och meng Virriedner gesot hunn – a virun allem och d'Rapportrice Djuna Bernard, där ech och heimadder Merci soe fir hire ganz gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport –, gëtt elo d'Tutelle vun der Ministesch an d'Gesetz ageschriwwen. Verschidden Decisiounen mussen dann awer och eng Approbatioun vum Ministère kréien sou wéi d'Investissementsprogrammer, d'Astellen oder Licenciéiere vun Direkteren oder nach zum Beispill déi generell Politik vun der Institution. De Conseil de Gouvernement muss dann och d'Konten an Emprunten approvieren an d'Institutionen gi vun der Cour des comptes kontrolléiert.

Ech kéint elo nach ganz vill a ganz laang iwwert déi eenzel Institutionen schwätzen – dat ass jo och scho ganz vill gemaach ginn, et ass awer wichteg, verschidde Saachen nach emol ze widderhuelen -: de Casino Luxembourg – Forum d'art contemporain, dee jo säit dem Kulturjoer 1995 besteet an deen déi zäitgenëssesch Konscht promouviert; de Mudam, deen och an den 90er-Jore gegrënnt ginn ass an iwwer eis Grenzen eraus duerch seng Architektur an awer och duerch seng Programmation erausstécht; den Espace culturel des Rotondes, dee jo och op e Kulturjoer zréckzeféieren ass an zwar op dat vum 2007, deen en Uert fir d'Kreatioun ass an de Beräicher Theater, Musek, Arts plastiques, digital a visuell Konscht an och op Participatioun setzt, fir ganz Jonker an och nach manner Jonker; den TNL, dee jo dann och no 1995 vum Frank Hoffmann gegrënnt ginn ass a sech virun allem eeben der Theaterkonscht consacréeiert, an zum Schluss dann den TROIS C-L – Maison pour la Danse, déi jo aus dem „Théâtre dansé et muet“ entstanen ass, wou d'Kreatioun um nationalen an internationale Plang steet ronderëm den Danz a mam Danz.

Ech denken awer, dass et dat Allerbescht ass – an dat, mengen ech, huet d'Madamm Presidentin vun der Kulturkommissioun och scho gesot –, wa jiddereen,

wann dat nach net de Fall war, dës an déi aner Kulturinstitutione besiche geet a sech op der Plaz vun hiren Offeren iwwerzeege léisst. Dat ass dat Besch, wat ee ka maachen!

Et brauch eis Kulturinstitutionen an hirer Gesamtheit, fir méiglechst breet all kulturell Disziplinen an all kulturell Gouten ofzedecken. Et ass keng Institution méi oder manner wäert wéi eng aner, well et kënnt op se alleguerten un. Dofir ass d'Komplementaritéit an d'Kollaboratioun tëscht den Institutionen och esou wichteg!

Et ass och esou wäertvoll, och mat Kanner a Jugendliche Konscht a Kultur ze genéissen. Dat dréit zu enger wichteger Bildung bäi, déi Kanner a Jonken hëllef, hir Perséinlechkeet ze bilden an ze entwéckelen. D'Konscht ass a bleift e wonnerbare Vecteur, fir eis Wäerter vun Toleranz an Oppenheet ze affirméieren. De Gao Xingjian, Schrëftsteller a Literaturnobelpreisträger, huet an engem bekannte Buch gesot: „La culture n'est pas un luxe, c'est une nécessité.“

(Interruption)

Ofschléissend wëll ech dann all de Mataarbechter an de ville Benevollen, déi an der Konscht an an eise Konschtinstitutionen täteg sinn, Merci soe fir hiren onermiddlechen Asaz an Engagement am Sënn vun der Konscht an der Kultur.

Ech profitéieren dann och haut hei dervun, der Presidentin Merci ze soen. Ech war net déi fënnf Joer derbäi, mee déi lescht dräi Joer derbäi. Et war wierklech eng flott Kommissioun, wou mer vill flott, interessant Gespréicher haten, och Visitten haten. Mir hunn eis ganz gutt ausgetosch. Dat heescht: der Presidentin, de Sekretären, all eise Memberen an och der Ministesch en décke Merci fir déi wäertvoll Aarbecht, déi mer am Sënn vun der Kultur gemaach hunn.

An da ginn ech natierlech selbstverständlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dës Gesetzter an ech soen Iech alleguer Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci der honorabeler Madamm Simone Asselborn-Bintz. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, Konscht ass et jo och, net alles ze widerhuelen, wat scho gesot ginn ass, a sech sou kuerz ze faasse wéi méiglech. Ech probéieren, dat dann och hei ze maachen.

Ech wëll awer un dräi Saachen erënneren, déi dës Konschtpolitik an der leschter Zäit e bësse geprägt huet.

Dat Éischt ass dat, wat an d'Verfassung ageschriwwen ginn ass. Do ass ageschriwwen ginn: „en Accès op d'Kultur“, a leider net: „d'Fräiheet vun der Kultur“ – wat mer bedauern.

Dat Zweet, wat ech wëll uschwätzen, dat ass, dass mer vum Ministère en Deontologiekodex haten, deen dach awer eng politesch Richtung ugëtt, wou mer awer der Meenung sinn, dass de Ministère an de Staat sech sollen, wat den Inhalt ugeet, eraushalen aus alle méigleche Kulturinstitutionen, an och vum Inhalt hier.

An déi drëtt Saach dann, wou ee sech Froe ka stellen, dat ass dat, wouriwwer mer elo hei haut decidéiere sollen – an dat ass och dat, wat een och e bëssen héiert aus verschiddene Kreesser –: Ass et net e bëssen och d'Richtung vun enger Verstaatlechung vun de kulturellen Institutionen hei am Land? An ass dat wierklech gutt? Kritt de Staat doduerch nach eng méi staark Emprise op d'Kultur hei am Land?

Ech mengen, dass et allgemeng wichteg ass, dass d'Kultur eng Distanz huet zum Staat, zur Politik, besonnesch zur Regierung. Et ass, wéi dat och scho gesot ginn ass: D'Kultur ka kritesch sinn. D'Kultur muss och guer net tolerant sinn oder oppe sinn. Dat verlaangt keen. Si ka fräi sinn a si soll kritesch sinn. An d'Zil ass natierlech, dass mer eng Kultur hunn, déi sou wäit wéi méiglech onofhängeg ass an doduerch och fräi ass.

(Interruption)

Elo wësse mer awer natierlech alleguerten, dass hei am Land warscheinlech ganz, ganz wéineg Kënschtler wierklech kënne finanziell onofhängeg vum Staat oder vu soss Hëllef liewen. A bei den Institutionen ass et jo d'selwecht. Dat heescht, et ass e bëssen en Dilemma, wann ee seet: „Mir hätte gär eng onofhängeg Kultur, déi keng Sue kritt“, well se eeben dann net kann existéieren. Mee dat wier vläicht d'Zil. An et ass, mengen ech, duerfir, wou mer eis och wëllen asetzen: dass esou wäit wéi méiglech eeben d'Kultur vun der Politik Distanz hält.

Wat awer elo hei ..., wou ech mech elo gefrot hunn, och wéi mer hei sollen ofstëmmen, dat ass: Ech hätt elo gär hei haut héieren, wat dann elo wierklech de Grond ass fir déi heite Saach, dass déi ASBLen zu engem Établissement public ginn. Et sinn och Grënn genannt ginn. Ech muss Iech awer leider soen: Déi hu mech elo net wierklech iwwerzeegt.

(Interruption)

An dat heescht, ech weess net wierklech, wat de Grond ass. An dofir géif ech hei och virschloen – dat mécht der Kaz jo och kee Bockel –, dass mer eis géifen enthalen. Ech wëll awer nach zum Schluss preziséieren, dass mer absolutt handelen am Interessi vun der Kultur an och fir d'Fräiheet vun der Kultur. Ech soen Iech Merci.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci dem honorabeler Fred Keup. Déi nächst ageschriwwene Riednerin ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Wannechgelift, Madamm Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Och ech schlësse mech de Merci-Wierder un un eis Presidentin, un d'Ministesch natierlech och an all hir Leit, déi laang heidru geschafft hunn, an och un eis Kommissiounssekretärin, effektiv, déi och hei mat dru geschafft huet.

Jo, mat dëse fënnf Gesetzter ginn dann de Mudam, de Casino, den TNL, den TROIS C-L an d'Rotonden zu Etablissement-publicken. Dës fënnf wichteg Kulturinstitutionen ware bis elo entweeder Fondatiounen oder ASBLen. Si hunn also ënner engem privatrechtleche Statut funktionéiert, an dat obwuel hire Finanzement quasi exklusiv duerch ëffentlech Gelder geschitt ass.

An et gëtt och endlech dem Rapport ..., pardon, ech hunn e Saz iwwersprongen.

(Hilarité)

D'Kulturministesch huet jo dann och heimadder u sech e Punkt – de Punkt 12 – vum Kulturentwécklungsplang ëmgësat. An en plus, wat nach derbäikënn, ass jo, dass endlech dem Rapport vun der Cour des comptes iwwert déi parastaatlech ASBL Rechnung gedroe gouf. Well dëse Rapport, dee vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire ugefrot gouf, huet 2008 scho gesot, dass ASBL wéi de Casino oder d'Rotondë missten zu Etablissement-publicke gemaach ginn, well hire Finanzement bal ausschliisslech ëffentlech ass, well d'Conseil-d'administration vun dësen ASBL souwiso scho besat si wéi déi vun engem Établissement public a well se och wichteg Missions de service public am Beräich vun der Kultur erfëllen.

Här President, d'Cour des comptes hat deemools geschriwwen, dass de Choix vun enger ASBL nozevoll-zéie war, fir esou Kulturinstitutionen ze lancéieren an duerch eng Transitionnsphas ze féieren, déi am Fall vun de Rotonden zum Beispill mam Bezéie vun de Gebaier zu Bouneweg an de Rotonden eeben opgehale huet. Déi Transitionnsphase sinn natierlech och fir déi aner Kulturinstitutionen scho laang ofgeschloss. Den TROIS C-L, den TNL an de Casino si Mëtt den 90er-Jore gegrennt gi ronderëm d'Europäesch Kulturhauptstad 1995. Dat si bal 30 Joer hier. D'Rotondë sinn 2007 fir d'Kulturhauptstad entstanen, de Mudam huet seng Dieren 2006 opgemaach. Et ass also héich Zäit ginn a mir begrëssen, dass endlech Neel mat Käpp gemaach gi sinn.

Et huet nämlech eng Rei vun net onwichtige Virdeeler, dass dës fënnf Institutionen elo zu Établissement-publicke gemaach ginn. Deen éischten ass vläicht dee vun der finanzieller Transparenz – en ass schonn ugedeit ginn. Établissement-publicke gi jo vun der Cour des comptes kontrolléiert, wat jo och normal ass, well se mat ëffentleche Gelder funktionéieren. Wat mat deene Gelder, déi an dës Institutionen gestach ginn, geschitt, gëtt dann eeben an aller Transparenz nogekuckt.

Deen zweete grouse Virdeel ass dee vun der finanzieller Perennitéit. Eemoleg ASBLen mussen elo net méi fäerten, dass si hir Konventionen no ënne revidéiert kréien, an hunn also eng méi grouss finanziell Sécherheet a Planungsméiglechkeet, fir hir wichteg ëffentlech Funktioun auszefëllen. An dës Sécherheet gëllt natierlech och fir all déi Leit, déi do schaffen.

Da gëtt och gesetzlech festgehalen, dass de Staat gutt representéiert ass an deene CAen. Dës Kulturhaier ginn also wierklech institutionaliséiert, wéi sech dat gehéiert, wann een eng wichteg ëffentlech Missioun erfëllt.

Här President, e weidere wichtige Grond, ofgesi vun der finanzieller Transparenz a Sécherheet, sinn u sech d'Salaires- an d'Aarbechtsbedéngungen. Am Kultursecteur schaffen nämlech vill héich qualifizéiert Leit, déi hir Missioun mat Enthusiasmus ausfëllen, mee net onbedéngt esou bezuelt ginn, wéi dat eigentlech misst sinn. Dat ännert sech dann och elo mat dësem Gesetz, an och dat begrësse mir ausdrécklech.

Aus deem, wat ech elo gesot hunn, geet natierlech kloer ervir, dass mir dëst Gesetz matstëmmen – oder éischer dës Gesetzter matstëmmen. Bei déi Lénk stoung dës Fuerderung un éischer Stell am Kulturwalprogramm 2018. D'Salarié gewonnen, d'Kultur gewënnt, well d'Influenz vun private Sektor och méi kleng gëtt an d'Kultur esou net einfach zu engem banale Bien de consommation degradéiert gëtt. Ech hoffen, dass ech konnt den Här Fred Keup iwwerzeegen mat dëse Virdeeler, wann en net schonn iwwerzeegt war. Mir begrëssen dëst Gesetz. Ech soen Iech Merci.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci der honorabeler Madamm Nathalie Oberweis. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als éischt emol merci un d'Rapportrice fir net nëmmen ee Rapport, mee fënnf Rapporten, a gläichzäitig souwuel schrëftlech wéi mëndlech. Datt et déi lescht sinn, mécht natierlech dat Ganz ëmmer e bësse méi emouvant, mee ech mengen, datt et warscheinlech net déi allerlescht sinn, déi aus Ärer Fieder hei an der Chamber wäerte presentéiert ginn.

Mat deene fënnf Projets de loi, déi och sequentiell numerotéiert sinn, sollen da verschidde kulturell Ariichtunge jeeeweils zu engem Établissement public

ginn. An ech kann Iech direkt soen: Mir wäerten net nëmmen eemol Jo soen haut, mir soen direkt fënnemol Jo, well et mécht och einfach Sënn. Meng Virriednerinnen hunn et gesot: Et ass eppes, wat net nëmme vun de Parteie gefuerdert gouf, et ass och eppes, wat vum Secteur gefrot war, an et ass och eppes, wat vun der Cour des comptes recommandéiert gouf, an dat scho viru fënnef Joer.

Mir gesi jo och an anere Secteuren, wat geschitt, wann een ASBLen huet, déi zu 100 % vum Staat subventionéiert ginn a gläichzäitig nach aner Verflechtungen hunn. Ech zitieren do just den Educationssektor mam Science Center an dräibuschtawege Firmen, déi do hannendrunhänken. Ouni wëllen an den Detail ze goen: Et ass wichteg, dass an alle staatlech subventionéierte Secteuren Transparenz herrscht. Et muss Transparenz herrschen, wou d'Suen higinn, et muss awer och eng Autonomie herrschen, dass Konscht a Kultur sech kënnen selwer entwëckelen. Et soll net zu enger Amëschung duerch d'Politik kommen an deemspriechend ass en Établissement public, änlech wéi dat beim 100,7 de Fall ass, änlech wéi dat bei aneren Organismen de Fall ass, déi beschtechtsform, well et eis einfach eng gewëssen Onofhängegkeet garantéiert. Et garantéiert eng Sécherheet fir déi Leit, déi do schaffen, an et garantéiert natierlech och, dass déi Suen, déi se kréien, rasonabel a virun allem transparent verwalt ginn.

Deemetspriechend wëll ech Iech net weider langweile mat den techneschen Detailen, déi ganz gutt presentéiert goufen. Also, ech kéint elo nach hei op dräi Säiten de Rapport nach eng Kéier maachen. Ech erspueren Iech dat. Ech kann Iech soen: Ech si ganz frou, dass dat heiten trotzdeem, obwuel et vläicht e bësse méi laang gedauert huet, wéi deen een oder anere sech dat erwaart hat, elo haut nach d'Luucht gesäit, dass mer déi Projeten iwwert d'Zillinn kréien, an dofir ginn ech eisen Accord an ech soen Iech Merci.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci dem honorabelen Här Clement. Domadder wier d'Lëscht vun den Orateurs vun den Deputéierten ofgeschloss.

An ech ginn der Madamm Minister d'Wuert. Wann ech gelift, Madamm Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | Jo, schéine guddé Mëtten. Ech sinn natierlech frou, Iech kënnen um Enn vun dëser Legislaturperiod nach weider fënnef Gesetzesprojeten an der Kultur ze ënnerbreeden, wou eeben déi fënnef nei Établissement-publicke geschafte ginn.

Dir hutt scho vill iwwert déi eenzel Haiser geschwat, erlaabt mer, nach eng Kéier e bëssen zrëckzekommen och op de Kader vun deem Ganzen, d'autant plus well haut e bëssen deen Dag ass. De Moien hate mer d'Kulturassisen, déi véiert Kulturassisen generell – mir hu jo och ëmmer erëm sektoriell. An dat war och d'Occasioun, de Bilan ze zéie vun der éischter Hallschent vum Kulturentwicklungsplang, dee jo d'Zäit 2018 bis 2028 couvériert, deen och nach op meng Virgänger, de Guy Arendt an de Xavier Bettel, zrëckgëtt, déi dee beim Jo Kox an Opdrag ginn haten, an dee mer elo als Kompass hate fir ëmzesetzen iwwert déi lescht fënnef Joer an deen – dat hu mer och de Moien deene vun Iech, déi derbäi waren, och gesot – bis elo zu 60 % ëmgesat ass.

Et läit dëser Regierung extreem um Häerz, dass souwuel Kulturschaffender wéi och Kulturinstitutionen e beschtméigleche Kader virfannen, fir hir kënschtleresch Aktivitéit kënnen ausüben. An dësem Sënn hat Der jo schonn an dëser Legislaturperiod, de 6. Dezember, an dësem Plenum iwwert de sougenannte Kënschtlerstatutt hei eng nei Reform gestëmmt an

och d'Gesetz iwwert d'Kulturinstitutionen – e bëssen de Pendant dann zu den Établissements publics um Niveau Verwaltung. Déi virleidend Gesetzesentwërf, déi d'Émwendung vun der Forme juridique vun der ASBL respektiv der Fondation an déi vum Établissement public vun am Ganze fënnef Kulturhaiser zum Zil hunn, reie sech also an dës Efforten an, fir e besseren institutionelle Kader an der Kultur ze schafen.

Och steet eeben an deem faméise KEP, dee jo zesumme mam Secteur ausgeschafft gouf – dat ass d'Recommandatioun 12 –: „mener une réflexion sur les formes juridiques et le fonctionnement des institutions culturelles (État, communes, secteur conventionné, secteur non-conventionné)“, an e stellt kloer eeben d'Fro vun der Gouvernance vun de Kulturhaiser, déi eng Konvention mam Ministère hunn, déi eng national Envergure hunn an déi och Gebailechkeeten hunn, déi dem Staat gehéieren, an deene se schaffen an de Public empfänken.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Dir hutt och schonn alleguerten – oder vill vun Iech – vun der Recommendation vun der Cour des comptes geschwat, déi eeben och déi Konklusioun gezunn hat, wat de Casino an d'Rotonden ubelaangt. An et ass jo no Argumenter gefrot ginn. D'Cour des comptes gëtt jo hei gären zitéiert, wa se een arrangéiert; ech sinn der Meenung, et kann een dat net just au choix kucken: „Si le recours à la forme juridique de l'ASBL a pu se justifier à l'époque de sa création, le Casino est devenu au fil du temps un organisme semblable à d'autres établissements culturels.“ Dat war, wéi gesot, schonn 2008. „Dès lors, la Cour est d'avis que le Casino devrait à l'avenir revêtir la forme juridique de l'établissement public sans pour autant perdre la flexibilité requise pour satisfaire les attentes du public.“ An dass en Établissement public och ka ganz flexibel sinn, dat beweisen déi bestoend Établissement-publicke wéi d'Rockhal oder och nach Neimënster.

Op d'Grënn, d'Motiver, firwat d'Rechtsform vun engem Établissement public bei deene fënnef Haiser méi adaptéiert ass wéi de Statutt vun der ASBL oder der Fondation, ginn ech dann och nach eng Kéier kuerz an.

Fir d'éischt emol den institutionelle Volet: Et handelt sech bei deene fënnef Haiser ëm Kulturinstitutionen, déi laut hire Statuten an de Konventionen, déi se mat dem Staat an der Gemeng ofgeschloss hunn, haut schonn als privatrechtlech Veräiner oder Fondatione Missionen an Aktivitéiten ausüben, déi dem Service public zouzerechnen sinn, also am allgemengen Interesse vun der Bevëlkerung sinn, dat op d'mannst emol fir déi Mënschen, déi der Meenung sinn, dass d'Kultur am allgemengen Interesse vun der Bevëlkerung ausgeübt gëtt. Dir wësst, dass ech absolutt zu deene gehéieren.

Den organisatoresche Volet, do setzt sech de Verwaltungsrot vun den ASBLen oder der Stëftung och elo schonn zu groussen Deeler aus Vertrieeder, déi vum Staat oder bei de Rotonden och der Stad Lëtzebuerg genannt sinn, zesummen.

Beim finanziellen Volet ass et esou, dass e Groussdeel vun de finanziellen Mëttele vun den Institutionen sech aus enger järelecher finanzieller Subvention vum Staat, a bei de Rotonden eeben der Stad Lëtzebuerg, zesummesetzen. Dës Subvention eleng mécht tëschent 80 % an 90 % vum Budget vun den Établissements publics aus. Zesumme mat den Établissements publics, déi schonn existéieren – eebe Kultur | lx, Neimënster, d'Philharmonie, d'Rockhal –, wäerten déi fënnef nei Haiser bal 30 % vum Budget vum Kulturministère ausmaachen.

D'Merkmalen vun deene Haiser – et kënn jo och nach dat mat de Gebailechkeeten derbäi, dat hunn ech Iech

scho gesot –: Déi hiewe sech däitlech of vun aneren ASBLen, déi mer am Secteur hunn. D'Madamm Modert huet d'Fro gestallt, ob elo nach aner ASBLen a Fro kéimen. De Moment elo direkt gesinn ech keng, mee ech ka mer awer virstellen, en fonction vun der Evolution vun deenen engen oder aneren, dass sech déi Fro hei an e puer Joer nach eng Kéier wäert stellen. Mee do muss ee vläicht nach e bësse waarden op d'Evolution vun deenen eenzelen Haiser, déi sech gebilt hunn an der Lescht oder déi nach an der Maach sinn.

Si gehéieren och zu deene bekanntsten, gréissten a beschteichte Kulturinstitutionen vum Land. An et handelt sech ëm Institutionen aus deenen ënnerschiddlechste Konschtsparten. Zwou vun hinnen, de Mudam an de Casino, sinn der zäitgenëssescher Konscht gewidmet, hunn awer ganz ënnerschiddlech Approchen. Dat eent ass e Musée mat enger Kollektion, déi mëttlerweil eng international Unerkennung huet. De Casino ass éischer eng Konschtal – pardon, Esch –, déi 1995 als Provisorium gegrënt gi war an déi awer och haut net méi ewechzedden ass, déi eng ganz grouss Plaz wierklech der aktueller Kreatioun araut, an och ganz intensiv der nationaler aktueller Kreatioun mat reegelméisseg och Ausstellung vu Lëtzebuerg Artisten.

Do war och d'Fro gestallt gi vun der Madamm Modert iwwert den Display. Dat fonctionéiert ganz gutt. Vläch e gudden Exempel vum Fonctionéieren: Dir wësst, dass et en Deel ..., also et ass eng Residenz virgesinn, wou en Artist kann hi wunne komme während enger Zäit a schaffe kommen. Deen éischen, deen do war, dat war den Andrea Mancini. Dat ass deen, deen elo och ausgewielt ginn ass, fir Lëtzebuerg ze verriede bei der nächster Biennale vu Venedig, sou dass de Casino do eng ganz gutt Nues hat bei deem éische Choix. Am Moment ass et d'Océane Muller, dat do ass. An et ass och eng Institution, déi der Recherche gewidmet ass, dem Echange mat de Konschtschoulen aus der Groussregioun.

Dann natierlech den Théâtre national, deen e bëssen eng aner Entsteungsgeschicht huet; ech gesinn de Frank Hoffmann do uewen op der Tribün, an hien huet dat wierklech 1996 mat e puer Gläichgesënnten opgebaut, huet sech den „national“ einfach emol ënnert den Nol gerappt an zurecht deen Theater wierklech och zu engem extreem positive Lieu de création gemaach, wou vill probéiert gëtt, wou och Jonker eng Chance kréien, wou hie selwer och oft seng Fangeren am Spill huet. Et ass ëmmer erëm eng Freed, den zäitgenësseschen Theater an den Théâtre national kucken ze kommen, wou och mat Jonke geschafft gëtt, mat Kanner, mat Jugendlechen. Et ass eng formidabel Initiativ. An ech si ganz frou, dass och dee Projet elo kann als Établissement public evoluéieren.

Dann natierlech d'Rotonden, déi och erëm aus der Dynamik vum Kulturjoer entstane sinn, wéi de Casino. Mir hunn elo virdru vun der Madamm Modert do nach e puer Detailen kritt, wéi dat alles gangen ass, mee och do gesäit een, wéi eng Institution evoluéiere kann, sech dem Zäitgeschecht kann upassen, an et ass extreem flott. Ech si jo vläicht e bësse befaangen, well ech net ganz wäit dovun ewech wunnen, mee ze gesinn, wéi eng Plaz dee Lieu am Quartier ageholl huet, wéi eng Plaz dee Lieu vis-à-vis vun de Kanner an de Jonken ageholl huet, mat och Kreatiounsart a -weisen a Kultursparten, wou een elo net direkt drun denkt, wéi den Zirkus oder d'Märercher ... Et gëtt och vill ronderëm déi digital Konscht gemaach, soudass si ëmmer erëm nei Weeër sichen, nei Moyene sichen, fir de Public méi breet opzustellen a fir eng nach besser Transmissioun ze maachen. An et ass wierklech de grouse Fokus op Kannerspektakelen, déi net aus der Kulturzeen méi ewechzedden sinn.

An net wäit ewech, eng aner Bouneweger Institution – ech versprechen Iech, et huet näischt mat hirem Lieu de résidence ze dinn –, dat ass natierlech och den TROIS C-L an der schéiner Bananefabrik. Entstanen 1994 als „Théâtre dansé et muet“ huet e sech a well 30 Joer zum Centre névralgique vum zäitgenösseschen Danz developpéiert. An och dës Institution huet extreem vill derzou bäigedroen, dass den Danz haut zu Lëtzebuerg déi Position huet, déi en huet, si huet vill Dänzer op enger Professionaliséierung begleet, soudass Lëtzebuerg eng fest Plaz an der internationaler Danzseen huet. An och hei hoffen ech, dass mer duerch d’Kreatioun vum Établissement public dës Institution op nach méi sécher Féiss kënne stellen.

Fir eng sëllege vun dësen Haiser goufe scho virun etleche Joren Avant-projet-de-loien ausgeschafft, d’Madamm Modert hat dat och scho gesot – et sollt ni zu engem fäerdege Gesetz kommen. An natierlech hate mer vill Diskussiounen mat deenen eenzelen Haiser iwwert d’Avantages, d’Desavantages – de Steph Meyers huet dat de Moien och nach eng Kéier bei den Assisé rappéléiert – a si hu sech alleguer d’Fro gestallt: „Ass et opportun? Solle mer et maachen? Wat sinn déi positiv an déi negativ Aspekter?“ A mir hunn am Dialog d’Decisioun geholl, dës Haiser eeben elo duerch déi Gesetzter, iwwert déi Dir haut ofstëmmt, ze perenniséieren. An ech fannen dat eng extreem positiv Saach.

Vläicht nach just kuerz ...

A jo, Dir hat nach d’Fro gestallt iwwert d’Rotonden, de Chantier; och wierklech en ambitiöse Projet, déi zweet Rotonde, déi elo restauréiert gëtt, ëmgebaut gëtt, fir kënne de Rotonden och méi Plaz an aner Espacen zur Verfügung ze stellen. An dee Chantier soll Enn nächst Joer ugoen, da sinn d’Rotondé fir zwee, dräi Joer zou. Dat ass en neien Defi fir si, wou si da probéiere wäerten, sech op anere Plazen and néierzelossen. Mee dat wäert och nach zur Perennisiatioun an zur Expansioun vun deem Établissement public absolutt bäidroen.

Wat mer awer ganz wichteg ass ze ënnersträichen, well dat hei awer bei enger Interventioun esou iergendwéi duerchgeschéngt huet, wéi wann et elo hei drëms géeng goen, d’Kënschtleresch Fräiheet anzeschränken: Ech fannen dat grad vun där Säit natierlech eng interessant Ennerstellung, wann ee weess, dass grad riets-konservativ Parteien uechter Europa ëmmer nees derfir suergen, dass d’Konschtfreiheet ageschränkt gëtt, sief et well Budgete gekierzt ginn, well Ausstellungen, Kënschtler a Fro gestallt ginn, well se net dat representéieren, wat déi riets-konservativ populistesch Partei sech virstellen, dowéinst fannen ech dat natierlech en interessante Virwurf. Mee vläicht misst ee rappéléieren, wat am Artikel 1 drasteet vun deene Gesetzter, déi Der stëmmt: „L’établissement [...] bénéficie de la liberté artistique.“ An dorëms geet et!

Hei ass just den institutionelle Kader, hei gi Suen zur Verfügung gestallt, hei gëtt verwaltungstechnesch alles méiglech gemaach, dass déi Haiser sech kënne fräi entfalten, alles maachen, fir eng oppen, fräi Gesellschaft ze representéieren, fir ze picken, wou et wéideet, fir esou oppen an divers ze sinn, wéi se dat Loscht hunn ze sinn. An et geet mat Sécherheet net drëm, dass de Ministère oder iergendeen hinne virschreift, wat se solle maachen oder net solle maachen.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture | An dat selwecht géllt d’ailleurs fir de Code de déontologie. Och do steet expressis verbis dran, dass d’Liberté artistique vun deene konventionéierten oder fräiwëllege Signalen – fräiwëlleg an deem Sënn, dass se keng Konvention mat eis hunn, dat heescht, déi sech vu sech aus un eis adresséiert hunn, fir dee Code de déontologie ze ënnerschreien –, 123 un der Zuel à ce jour, dass

d’Fräiheet vun der Konscht, vun der Kultur vun deenen Haiser, d’Liberté artistique, net a Fro gestallt ass.

Dës Gesetzter sollen, wéi gesot, den 1. Januar a Kraaft treden. Bis dohinner bleift also nach e bëssen Aarbecht um administrative Plang. Ech soen Iech jiddwerfalls e ganz grouss Merci fir déi grouss, breet Zoustëmmung fir d’Stärkung vun der Lëtzeburger Kulturzeen. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Kulturministesch Sam Tanson. D’Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun deene verschiddene Projeten.

Da fänke mer u mam Projet de loi 8188. Den Text steet am Document parlementaire 8188³.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 8188

D’Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8188 ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Elisabeth Margue), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Da kéime mer bei de Projet de loi 8189. Den Text steet am Document parlementaire 8189³.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 8189

D’Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An och dese Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi,

Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Da kéime mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8190. Den Text steet am Document parlementaire 8190³.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 8190

D’Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8190 ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Félix Eischen), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Da kéime mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8191. Den Text steet am Document parlementaire 8191³.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 8191

D’Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8191 ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Félix Eischen), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth,



Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8192. Den Text steet am Document parlementaire 8192³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8192

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8192 ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par Mme Elisabeth Margue), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Félix Eischen), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Dispense du second vote constitutionnel des projets de loi 8188, 8189, 8190, 8191 et 8192

Freet d'Chamber d'Dispens vun deene Projet-de-loien, vum 8188, vum 8189, vum 8190, vum 8191 a vum 8192?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Domadder si mer awer elo um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si fir de 4., 5. a 6. Juli virgesinn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 17.15 heures.)

Questions au Gouvernement

Sommaire

Objet	N°	Auteur	Page	Objet	N°	Auteur	Page
Bilan d'application de la loi sur la protection des animaux	7597	Jeff Engelen	50	Flux migratoires	7770	Charles Margue	57
Autorisations de la CNS	7755	Martine Hansen, Max Hengel	50	REVIS en fonction de la communauté domestique	7771	Nathalie Oberweis	58
ChatGPT et protection des données	7757	Diane Adehm, Laurent Mosar	51	Campagne « Zesumme spueren, zesummenhalen »	7772	Marc Goergen	58
Heures supplémentaires dans l'enseignement secondaire	7758	Sven Clement	51	Incident sur la « Nordstreck »	7773	Carlo Weber	58
Promotion de l'enseignement précoce	7759	Sven Clement	52	Consommation de médicaments psychotropes par des enfants et adolescents	7774	Max Hengel	59
Aide humanitaire pour la Turquie et la Syrie	7760	Nathalie Oberweis	52	Archéologie préventive introduite avec la loi relative au patrimoine culturel	7775	Marc Lies, Martine Hansen	59
Arrêt n° 00177 du 3 mars 2023 de la Cour constitutionnelle concernant la loi sur l'organisation militaire	7761	Claude Lamberty, Gusty Graas	53	Facturation de la consommation d'eau par les communes	7776	Marc Goergen	60
Bilan de l'immigration 2022	7762	Claude Wiseler, Marc Spautz, Paul Galles	53	Centre de données de Google à Bissen	7777	Laurent Mosar	61
Informations concernant l'accès aux structures d'accueil	7763	Nathalie Oberweis	53	Compte épargne-temps (CET) auprès de l'armée	7778	Marc Goergen	61
Commissions consultatives communales d'intégration et Conseil national pour étrangers	7764	Nathalie Oberweis	54	Clauses abusives en droit de la consommation	7779	Sven Clement	61
Contrôles de vitesse dans les zones 30	7765	André Bauler, Claude Lamberty	55	Mobilité transfrontalière en matière de logement	7780	Mars Di Bartolomeo	61
Gardiennage des sites de l'ONA	7766	Sven Clement	56	Actes notariés	7781	Elisabeth Margue, Marc Lies	62
Augmentation des prix de certains produits alimentaires	7767	Mars Di Bartolomeo, Yves Cruchten	56	État de protection du patrimoine culturel	7782	Djuna Bernard, François Benoy	63
Contrôle de camions	7768	Mars Di Bartolomeo	56	Classes d'efficacité énergétique	7783	Laurent Mosar	65
Activité d'assistance à l'inclusion dans l'emploi	7769	Sven Clement	57	Protection de la vie privée	7784	Sven Clement	65
				Prolongation de l'indemnité de chômage	7785	Sven Clement	65
				Mesures de sécurité dans le cadre de la ligne ferroviaire du Nord	7786	André Bauler	66
				Projet de construction d'un nouveau bâtiment pour l'École de Commerce et de Gestion (ECG)	7787	Martine Hansen	66